
# Maacht mat beim Déifferdenger Ernärungsrot!

Dir interesséiert Iech dofir wéi Är Liewensmëttel produzéiert, vermaart, genotzt a recycléiert ginn? Dir wëllt lokal Produzent*innen a Baueren ënnerstëtzen a méi regional an nohalteg Produkter an den Déifferdenger Geschäfter gesinn? Dir wëllt Iech dofir asetzen datt manner Liewensmëttel verschwent ginn a proposéiert Weeër fir se op eng intelligent Manéier an ze setzen? Dir schafft am Secteur a kennt d'Schwieregkeeten vun eisem aktuellen Ernärungssystem? Dir wëllt ganz einfach aktiv un enger Transitioun matschaffen?

Da maacht mat beim Déifferdenger "Ernärungsrot" a kontaktéiert eis! **Jidderee ka Member ginn** an seng Iddien a säi Wëssen abréngen: Dir sidd Bierger*in, Händler*in, Produzent*in, Bauer/-fra, Dir sidd am Horesca-Secteur aktiv, an der Santé, der Educatioun, an enger ONG oder Dir interesséiert Iech einfach fir d'Liewensmëttel Veraarbechtung. Mir sichen no engem diversen an oppene Grupp.

## Wat wäert den Ernärungsrot maachen?

En Ernärungsrot weist d'Zesummenhäng, d'Schwächten an d'Potentialer vun eisem lokalen Ernärungssystem op a recommandéiert konkret Handlungsméiglechkeeten. Matmaachen am Ernärungsrot heescht Iddien a Rotschléi bäidroen an Zieler a Projete fir Déifferdeng entwéckelen! Dir kritt d'Méiglechkeet Iech mat aneren Acteure vum Ernärungssystem auszetauschen, nei Bezéiungen opzebauen, Är Erfarunge bäizedroen an an Aarbechtsgruppe matzeschaffe fir nohalteg Ännerungen z'erreechen, an esou d'Stad Déifferdeng an dësem Prozess z'ënnerstëtzen. Stied wéi Köln, Toronto, Bordeaux a Gent maachen et eis vir.




This project has received funding from the European Union's Horizon 2020 research and innovation programme under grant agreement No 101000717.

## Firwat eisen Ernärungssystem transforméieren?

Eisen aktuellen Ernärungssystem ass net nohalteg. En ass zu engem groussen Deel responsabel fir a gläichzäiteg betraff vum Klimawandel, der Ressourceknappheet, dem Verloscht vun der Biodiversitéit, der Ëmweltverschmotzung, schlechten Iessgewunnechten, Zivilisatiounskrankheeten, Intoleranzen, a weltwäiter sozialer Ongerechtegkeet. Den Déifferdenger Ernärungsrot wëll dat op sengem Niveau änneren a setzt sech fir méi en nohaltegen, fairen, an ekologeschen Ernährungssystem an.

**Dat geet nëmme mat Ärer Hëllef an Ärer Mataarbecht.**
**Dofir maacht mat! Zesumme séine mir haut d'Friichte vu muer!**

Wann Dir Interessi huttmat ze maachen an fir méi Informatioun, kontaktéiert eis:

Carla Jellema | carla.jellema@differdange.lu| T: 58 77 1-2590
Martine Claus | martine.claus@tnt-chiers-alzette.eu | T: 58 77 1-1490



This project has received funding from the European Union's Horizon 2020 research and innovation programme under grant agreement No 101000717.